GEMENG JONGLËNSTER

Réunion 2/25

# Commune de Junglinster

## Commission consultative de la santé, des affaires sociales et du bien-être

## Rapport de réunion du 04/03/2025

**Lieu de réunion :** Centre culturel am Duerf « de klenge Reuniounssall »

**Début de la réunion :** 19h30

**Ordre du jour :**

1. Approbation du rapport de la dernière réunion du 22/01/25
2. GSK an de soziale Medien
3. Präparatioun: Relais pour la vie 2025
4. Timeline Events/ Aarbechtsgruppe machen
5. MAG- weider Iddie fir Artikelen
6. Divers

**1 .Approbation vum Rapport vun der leschter Reunioun vum 22/01/25**

Am Rapport goufen e puer Verbesserungen ëmgesat. Soss gouf de Rapport unanim vun der Kommissioun ugeholl.

**2. GSK an de soziale Medien**

Fir datt GSK fir zukünfteg Projeten weiderhin visibel bleift, steet d'Iddi am Raum, en **Instagram-Account** anzeféihren. Dëst erlaabt eng gewëss Flexibilitéit bei verschiddene Publikatiounen an d'Matdeelung vun interessanten Themen. Linda géif de Instagram-Account koordinéieren.

**3. Präparatioun: Relais pour la Vie**

De **Relais pour la Vie** fënnt den **22.03.25** zu Jonglënster, Start Parking Sandkaul, statt. GSK huet an deem Kader en Event lancéiert, wou sech d'Leit zu Lënster treffen, fir zesummen um Relais pour la Vie deelzehuelen. Et gouf eng flott Affiche am Lenster Mag publizéiert. D'Membere hoffen, dass sech e puer Matbierger Zäit huelen, fir zesummen mat der Gesondheetskommissioun ze tréppelen oder ze lafen ze goen.

Et ass d'Iddi opkomm, de Participanten en **Apel** als kleng Stäerkung matzeginn. E Member vun der Kommissioun bekémmert sech em eng Bestellung bei engem lokale Geschäft. D'GSK wier der Gemeng immens dankbar, wann si nees en Don fir d'Fondatioun Cancer accordéiere géif an déem Kontext.

## 4. Timeline Events / Aarbechtsgruppe

An der leschter Reunioun gouf un engem Brainstorming an un enger Timeline fir d'nächst Joren geschafft, fir nei Projeten ze lancéieren. D'Reunioun gouf genotzt, fir e puer weider Iddien an de Raum ze setzen.
Als méiglech Iddi steet am Raum, datt GSK en **Informatiounsowend** organiséiert. Dëst soll mat der Hëllef vun engem Film oder Workshops am Zentrum stattfannen, mam Fokus op **gesond Ernährung**. D'Iddi gëtt an de nächste Reunioune nach genee analyséiert an ausgeschafft.

## 5. Mag – Weider Iddien

De **Mag** soll weiderhi genotzt ginn, fir verschidden interessant an **gesondheetstechnesch a sozial Themen** ze publizéieren. Hei kennen eng breet Palette u Sujeten proposéiert ginn. GSK hält fest, datt an Zukunft an all Mag en Artikel publizéiert gëtt.

## 6. Divers

**Grouss Botz**: Fënnt den 15.03 statt. GSK hält mat e puer Membere als Equipe deel. De Sekretär informéiert d'Gemeng, fir eng Equipe unzemellen.

**Poubelle / Offalltaxen**: D'Kommissioun huet hei een Avis dozou ofginn.

## WICHTEGES AM RESUME:

**ZUKÜNFTEG REUNIOUNEN**:

18.03, 20.05, 17.06, 15.07, 30.09, 21.10, 18.11, 16.12.25.

**WIEN MECHT WAAT / Arbechtsgruppen:**

- **Fabrice** hëllt Kontakt mat der Madame Toepfer vun YOUTH AND WORK op an invitéiert sie an eng vun de nächsten GSK Réuniounen wou sie sech virstellen kann, fir dann am Uschloss sie an den Schäfferoot ze invitéiren.

- **Philippe** kuckt mat der Gemeng iwwert d'Méiglëchkeeten vun der Benotzung vun de sozialen Medien fir d'GSK an iwwert welche Wee dësst soll geschéien (Gemeng selwer oder eegen Initiativ).
- **Philippe** hëllt Kontakt op mam Prësident vun der ASBL „Bien-être au coeur" op, dien sech bei eis gemellt haat fir eis ze gesin. Mir mussen nach en Datum fannen, déi 1. Propose goung dem Här nët.